

## **Carole Clemens – Presidentin Comité des Fêtes Grevenmacher**

### **70 Joar Lëtzebuerger Wäikinnigin – 70 Joar Drauwen a Wäifest!**

---

De 6., 7. an 8. September ass et rëm sou wäit: Et ass Gréiwemaacher Drauwen a Wäifest an der Muselmetropol. Mir feieren dës Joar dat 70. Fest, een Traditioun déi hiren Ursprung an eener Initiativ vun e puer engagierten Idealisten an den direkten Nokréichsjoaren huet. D'Fest ,de Programm an och d'Organisatioun hu sech awer iwwer d'Joare verännert. Mä deemools ewéi haut louch et de Verantwortlechen um Häerz, ise Wënzer ze hëllefen d'Wäiner wäit iwwer d'Grenzen eraus bekannt ze maachen. Net nëmmen d'Fest huet sech verännert am Laf vun der Zäit, mee och d'Roll vun der Lëtzebuerger Wäikinnigin huet sech weider entwéckelt, an et kommen all Joar nei Optrëtter derbäi. Dat beweist, datt d'Roll vun der Lëtzebuerger Wäikinnigin fundamental wichteg ass an der Promotioun vun iser Regioun no baussen. An hirer Funktioun gëtt d'Lëtzebuerger Wäikinnigin iser Musel, iser Regioun an ise Wënzer an hiren exzellente Produkter e besonnescht Gesiicht.

Fir de 70. Gebuerstdag vun der Lëtzebuerger Wäikinnigin wierdeg ze féieren, hate mir am Juni zesumme mam Geschäftsverband an der Muselzeitung een flott Ausstellung mat de Fotoe vu sämtleche fréiere lëtzebuerger Wäikinniginnen an der Maacher Foussgängerzon organiséiert. Ee Mount laang konnten d'Leit déi flott Portraite vun de fréiere Wäikinniginnen an de Fënstere vun de Maacher Geschäfte bewonneren.

Nodeem d'Sophie Schons elo e ganzt Joar d'Regioun mat Charme doheem an dobaussen a seiner Funktioun als Lëtzebuerger Wäikinnigin vertraueden huet, iwwerhëlt d'Jessica Bastian mat seine Prinzessinnen de 6. September d'Roll vun der Ambassadrice vum lëtzebuerger Wäibau fir dat kommend Joar.

Mäi perséinleche Merci geet un d'Sophie Schons fir iwwer 350 professionell Optrëtter an de letzte 5 Joar am Déinst vun der Lëtzebuerger Musel. E ganz grouse Merci gëllt awer all ise Sponsoren a Frënn, hir Ënnerstëtzung garantéiert, datt is Fest op der lëtzebuerger Musel weiderhin bestoe bleiwe kann.

Des Weidere wëll ech awer net vergeessen, all de Leit, déi sech un der Organisatioun an der Ausféierung vum Drauwen a Wäifest bedeelegen, Merci ze soen. Dank hinne wäert och dat 70. Drauwen a Wäifest e ganz besonnescht Fest ginn.

Ech hoffen, Dir huet Eech de 6., 7. an 8. September all am Kalenner reservéiert a mir gesinn is um 70. Drauwen a Wäifest. Programmdetailer, a wéi Dir sécher a bequem mat dem öffentlechen Transport op is Fest komme kënnt, fannt Dir, wéi ëmmer, op isem Site [www.cfg.events](http://www.cfg.events) oder op ise Facebook an Instagram Säiten.

Mir freeën is, fir mat Eech zesummen ze feieren!

**Prost op déi 70. Lëtzebuerger Wäikinnigin!**

**Prost op dat 70. Drauwen a Wäifest!**

**Carole Clemens**

**Presidentin vum Comité des Fêtes**